

Préface Madame Tess Burton - Presidentin vum Maacher Geschäftsverband

D'Maacher Geschäftsleit wënschen der neier Wäikinnigin "Sophie" vill Succès!

Dëse Weekend ass eng méi lass zu Gréiwemaacher!

Et ass erëm Drauwen- a Wäifest a vill Leit freeë sech d'ganz Joar op dës flott Deeg zu Maacher. Grouss a Kleen, vun no a wäit, ginn sech dëse Weekend Rendez-vous am Zentrum vu Maacher fir ze feieren!

Di Maacher Geschäftsleit freeë sech drop di sëlliche Leit bäi sech an der Foussgängerzon begréissen ze kënnen. Dëst grousst Fest ass och ëmmer rëm een goud Geleeënheet deene ville Leit iis Muselstiedchen ze presentéiere mat seine ville schéinen Eeken, seiner Kultur, seiner Geschicht, seiner Gastronomie an och speziell seiner Geschäftswelt. Net nëmmen di 3 Deeg um Drauwen- a Wäifest huet Maacher vill ze béiden, mee och d'ganz Joar kann een zu Maacher vill erliewen an och kann een zu Maacher gutt akafen bäi iise sëllichen Geschäftsleit.

Fir dass d'Maacher Drauwen- a Wäifest och dëst Joar erëm en Highlight gëtt an Dausende Leit vun no a wäit op Maacher kommen, ginn d'ganz Joar vill Hänn gebraucht fir dëst Fest op d'Been ze stellen. Dofir jiddereem, deen zum Succès vun dësem Fest bäidreet e grouse Merci. E spezielle Merci un den Organisateur, de Comité des Fêtes, an och e Merci un all di Leit, di all Joars deen Weekend op Maacher kommen fir ze feieren, well ouni si wär iist Fest net dat wat et wär!

Der aktueller Wäikinnigin "Jana" och e grouse Merci fir hiert Engagement mat deem säi, dat ganz Joar iiwwer, iis Wäiner a Crémanten, iis Musel an och speziell iis Muselstiedchen am In- an am Ausland vertrueden huet.

Der neier Wäikinnigin "Sophie" wënsche mir vill Succès an hirem Amt als Lëtzebuurger Wäikinnigin, datt säi mat genau sou vill Freed a Begeesterung ewéi hir Virgängerinnen hir nei Funktioun ausübe wäert.

Prost op dat 69. Drauwen- a Wäifest!

Vive di nei Wäikinnigin "Sophie"!

Tess Burton

Presidentin vum Maacher Geschäftsverband